ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Januar 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 84) un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Den Internetsite Wort.lu zitéiert de Bausseminister: „On est dépassé par le nombre de migrants qui viennent d'Italie". Esou wären zanter uganks Dezember „méi wéi 200 Leit" mam Zuch op Lëtzebuerg komm, an dës Situatioun wär net méi ze meeschteren.

Dowéinst wéilt ech dem Här Bausseminister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Migranten, déi aus Italien kommen an ënner d'Bestëmmunge vun Dublin falen, hu sech am Dezember 2018 an am Januar 2019 bei den Autoritéite gemellt?
2. Wou sinn déi Migranten am Ament ënnerbruecht? Wéini ginn dës Leit nees an Italien zréck geschéckt? Applizéiert d'Regierung den Accord vun Dublin?
3. Wat wëllt d'Regierung ënnerhuelen, fir dës Phas vun der Immigratioun esou séier wéi méiglech ze stoppen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique